**Evangelium vum 12. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)**

**Lk 9,18-24**

18 Wéi de Jesus amgaang war, eleng ze bieden, hunn d'Jünger sech ëm hie versammelt, an hien huet si gefrot: "Fir wien halen d'Leit mech?"

19 Si hu geäntwert: "Déi eng fir de Johannes den Deefer, anerer fir den Elias, nees anerer fir ee vun deenen ale Prophéiten, deen operstane wär."

20 Dunn huet hien si gefrot: "An dir, fir wien haalt dir mech?" De Péitrus huet geäntwert: "Fir dem Herrgott säi Gesaleften, de Christus!"

21 Hien awer huet hinne gedreet an huet hinnen un d'Häerz geluecht, kengem et ze soen.

22 An hien ass virugefuer: "De Mënschejong muss villes erleiden, hie gëtt vun deenen Eelsten, den Hohepriister an de Schrëftgeléierte verstouss, hie gëtt doutgemaach, an den drëtten Dag gëtt hien aus dem Doud erwächt."

23 Zu hinnen all sot hien: "Wann ee mir nokomme wëllt, da soll deen sech selwer verleegnen, hie soll all Dag op en Neis säi Kräiz op sech huelen a mir nokommen!

24 Well deen, deen säi Liewe rette wëllt, dee verléiert et; wien awer wéinst menger säi Liewe verléiert, dee rett et."